



■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Galles. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Energieminister Claude Turmes.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.** - Gudde Mëtteg. Ech mengen, ech sinn ëmmer frou, fir heinner ze kommen, fir iwwert d'Urgence climatique ze schwätzen. An do muss een natierlech ganz vill Saache maachen. Ech mengen, et geet ëm Landesplanung, et geet ëm Mobilitéit - de François Bausch ... -, ëffentlechen Transport, Vëlo an da geet et natierlech och ëm technesch Innovatioun.

Bei techneschen Innovatiounen ass et natierlech och ëmmer wichteg, dass een d'wëssenschaftlech an d'technesch Grondlage vun eppes versteet, ier een de Leit probéiert, eppes ze verkafen, wat eigentlech net esou einfach verkaufbar ass. Haut gëtt an Europa 98 % vum Waasserstoff opgrond vu fossillen Energien hiergestallt. An der Moyenne ginn dobäi néng Tonnen CO₂ oder méi an d'Atmosphär ofginn. Dat heescht: Fir engem ze suggeréieren, e soll mat engem Waasserstoff-Auto fueren, wann dee Waasserstoff aus fossiller Energie kënn, wat haut an 98 % vun de Fäll esou ass ...- dann huet e besser, e bleift beim Diesel, well da maachen ech eppes Kontraproduktives fir de Klima.

Dat heescht, dat Éischt, dat ee muss sécherstellen, ass, dass de Waasserstoff wierklech klimafreundlech ass. A klimafreundleche Waasserstoff, dee kann nëmmen hiergestallt ginn aus erneierbaren Energien, woubäi een dann allerdéngs muss wësen, dass, wann ech eng Wandmillen hunn, oder eng Solaranlage, an dee Stroum geet an eng Batterie, da fiert den Auto x Kilometer. Wa Wand- a Solarenergie fir d'éischt Waasserstoff, grénge Waasserstoff, hierstellt, do verléieren ech immens vill un Energie an deem Prozess an deem Auto, dee fiert een Drëttel vun deem Auto, dee mat enger stroumgedriwwener Batterie fiert. Dat heescht, mir mussen oppassen, dass mer net de Leit elo soen, si solle mat Waasserstoff-Autoe fueren, zu engem Moment, wou mer nach net ganz vill erneierbare Waasserstoff hunn.

A mir dierfen och net vergiessen: Wann eppes inefizient ass, dann ass et och deier. An ech ginn lech nach just eng Zuel, déi am Moment diskutéiert gëtt, och am Beräich vun de Camionen: Wann Dir e Camion hutt, dee mat Batterie an Elektresch fiert, da gëtt dovun ausgegangen, dass dee fir 20 Eurocent pro Kilometer ka fueren. E Waasserstoff-gedriwwene Camion, mat gréngem erneierbare Waasserstoff - an dat ass deen eenzeg, dee klimaméisseg Sënn mécht -, dee läit am Beräich vu 45, 50 Eurocent pro Kilometer.

Dat heescht, mir mussen oppassen. Mir kënnen jo net zum Logistik-Secteur soen, wou all Centime gezielt gëtt: „Kaaf Camionen, déi zweemol bis dräimol am Ënnerhalt herno méi deier sinn, wéi wann Dir en elektresche Camion kaaft. An elektresche Camione wäerten ...“, haut gëtt et der nach net ganz vill, mee Tesla ass amgaangen, drun ze schaffen, Volvo ass amgaangen, Mercedes an esou weider an esou weider. Dat heescht, beim Waasserstoff muss ee wierklech gutt iwwerleeën: Wéi ee Waasserstoff hu mer haut? Dee meeschten ass fossill.

An da geet et natierlech drëm, fir elo d'Veichen dohinner ze stellen, dass mer erneierbare Waasserstoff kréien. Déi wichteg Weiche ginn an där Hiicht um europäeschen Niveau gestallt. A mir hunn als Lëtzebuerg matgeholf, dass Europa eng Strategie huet fir grénge Waasserstoff. An dat anert, wat mer als Lëtzebuerg gemaach hunn: Mir hunn am Benelux en extraen Aarbechtsgrupp geschaf a mir schafen d'nächst Woch en Dëschdeg am Beräich vun Däitschland, Frankräich, Benelux - dat nenne mer pentalateral, also fënnf Länner - en extraen Aarbechtsgrupp iwwer Waasserstoff, wou dann och virun allem iwwert d'Infrastruktur, wéi grénge Waasserstoff op Lëtzebuerg géif kommen, diskutéiert gëtt, an dat sinn energiepolitesch déi zwou wichtegst Saachen. Waasserstoff muss gréng ginn! Duerfir brauche mer elo grouss Projeten och mat europäesche Suen. Waasserstoff muss duerno iwwer Pipelinen och op Lëtzebuerg kommen.

An da ginn ech dem François Bausch d'Wuert weider, fir ze weisen, dass mer awer zu Lëtzebuerg schonn a Riichtung Waasserstoff ginn.

A vläicht nach ee Wuert zum LIST: Jo, mir investéiere Suen an de LIST, fir eebe Waasserstoff méi effizient an Zukunft hierzestelle wéi haut.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Energieminister Claude Turmes. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt den Här Mobilitéitsminister François Bausch.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Merci, Här President. A merci och fir déi Froen, déi gestallt gi sinn zu engem ganz wichtegen a passionanten Thema. An ech mengen, den Här Galles huet ee Saz gesot, dee kann ech nëmmen deelen, dat ass: Eng Wonnerwaff an der Dekarboniséierung vum Transport an an der Mobilitéit iwwerhaapt gëtt et net. Et gëtt keen, wéi

d'Engländer soen, „silver bullet“. An och de Waasserstoff ass net e „silver bullet“ an eng Wonnerwaff, mee et ass een Element vun enger insgesamt ganz breeder Strategie, déi ee muss hunn.

An ech wëll em och duerfir direkt soen: Duerfir ass et och fir eis als Regierung an och fir mech als Mobilitéitsminister kloer, datt ech net wëll exklusiv op Stroum setzen oder op den Elektroauto setzen. Souwisou wëll ech net exklusiv Dekarboniséierung denken, andeem ech just den thermesche Motor ersetzen duerch en net thermesche Motor, ob et een ass, dee mat Waasserstoff da gedriwwen gëtt, oder ob een ass, dee mat Stroum fiert, wat et och ëmmer dann ass.

Fir mech heescht Dekarboniséierung och, en anere Mobilitéitssystem ze schafen, well mir kréien eis weltwäit Mobilitéitsproblemer inklusiv déi domat verbonnen CO₂-a Klimaproblematik nëmmen an de Grëff, wa mer de System änneren. En thermesche Stau duerch en Elektroauto ze ersetzen bréngt eis net weider.

Drëtte Punkt: de Waasserstoff. De Waasserstoff eegent sech am beschten ..., ech géif et un dräi Wierder wëlle festmaachen: „schwéier“, „héich“, „laang“. „Schwéier“, wat heescht dat? Ma wéi Der et selwer gesot hutt: am interessantste natierlech fir schwéier Camionen an Zukunft, wou et mat Batterie ganz schwiereg gëtt oder vill méi schwiereg gëtt, well mir solle jo net Batterie spadséiere féieren herno, mee mir solle Gidder transportéieren. Do ass de Waasserstoff sécherlech ganz wichteg. „Héich“: alles, wat an der Loft flitt. An der Aviatioun, ech kommen nach herno drop zrëck, spillt de Waasserstoff eng Roll oder muss en eng Roll spillen. Zwar net um direkte Wee am Ufank, mee um indirekte Wee. A „laang“, dat ass alles, wat laang Strecken ubelaangt. Fir een, dee ganz laang Strecke muss fuere mat méi decken Autoen, ka ganz sécherlech Waasserstoff an der Zukunft - wann et ënnert de Konditiounen vonstattegeet, wéi de Claude Turmes gesot huet - eng Alternativ duerstellen.

Wat awer kee Sënn mécht, dat ass, datt mer de Leit verkafe wëllen, datt een an e Renault Clio eng Weltraumtechnologie soll drastischen. Ech wëll drun erënneren: D'Brennstoffzellentechnologie kënn aus der Weltraumtechnologie, kënn aus dem Espace, wou mer Rakéiten an d'Luucht schéisse mat ganz aneren Dimensionen a Saachen, déi mer brauchen. E Renault Clio lueden ech um Stecker. Dat ass dat Einfachst an och do ass déi Technologie sécherlech déi effikasst. An duerfir mengen ech, mécht elo emol Sënn, datt mer bei dësem Autofestival besonnesche Wäert leeën op d'Elektromobilitéit. An ech sinn och frou, datt de Secteur dëst Joer matgemaach huet a ganz breet an déi do Richtung mobiliséiert.

Véierte Punkt: Firwat hu mer nach keng Tankstell? Wann et mir no gaange wär, hätte mer scho laang eng Tankstell. Mee et ass net nëmmen d'Tankstell, déi mer brauchen. Hannert der Tankstell verstoppt sech och een, deen dat produzéiert, dee muss et produzéieren ënnert de Konditiounen, wéi de Claude Turmes et gesot huet - éischstens. An zweetens: Do verstoppt sech e Präis hannendrun. Ech kann lech just soen, déi Negociatiounen, déi féieren ech elo scho véier Joer, mee wann ech dat alles akzeptéiert hätt, wat ech do vu Verschiedene proposéiert kritt hunn, wat de Waasserstoff herno kascht hätt, da wär souguer deejéinegen, deen e Waasserstoff-Auto gehat hätt, net dohinner tanke gaangen, well et hätt en dat sechs- bis siwefacht kascht, wéi dat, wat en normalerweis haut op der Bensinnschloppel tanke geet! Also, de Präis muss och stëmmen!

An ech muss donc déi Produzenten dovunner derzou kréien, net nëmmen, datt se de Waasserstoff produzéieren op Basis vun erneierbaren Energien, an net op Basis vu Gas zum Beispill, mee datt och de Präis, zu deem e verkaft gëtt, absolutt am Aklang steet mat deem, wat e rasonabele Mënsch bereet ass, derfir ze bezuelen.

An ech kann lech awer soen: Mir sinn elo endlech eens mat engem Bedreier an dat ass och de Grond ... Firwat kënn et op Bartreng? Ma well do huet dee Bedreier eng Tankstell. An da wësst Der scho bal, wien et ass, wat fir eng Firma et ass. Et ass bei dem Delhaize vis-à-vis do; déi Tankstell wäert ekipéiert ginn nach bis Enn des Joers. An do wäert eng éischt Waasserstofftankstell op Lëtzebuerg kommen. An déi ass précisément an deem Konsortium, also an deem Benelux-Projekt, mat dran, deen Der och ugeschwat hutt, Här Galles, wou mer natierlech schonn zënter e puer Joer mat dra sinn.

Fënnfte Punkt: de Findel. Mir hunn e Pilotprojekt an der Aarbecht. Mir hunn eng Etüd, déi mer gemeinsam mat Paul Wurth machen. Dir wësst, Paul Wurth huet Sunfire opka. Wat ass Sunfire? Ma dat ass e Wierk, dat effektiv och an Zukunft zum Beispill op Basis vun der Waasserstofftechnologie synthetesch Kraaftstoffer hierstellt. Dat nennt ee Power-to-Liquid; Power-to-X gëtt et och nach genannt.

An déi Technologie gëtt haaptsächlech benotzt bei grousser Gefierer a virun allem an enger Iwwer-

gangszäit an der Aviatioun, well ier Der e Fliger ze kafe kritt, dee mat Waasserstoff eng Kéier wäert fléien, dat wäert nach laang daueren. Dir wësst, e Fliger, deen Der haut kaaft, huet eng Amortissementszäit vu 35 Joer. Dat heescht, wann d'Luxair 2025 e Fliger keeft, da flitt Der a 25 Joer mat där Technologie ronderëm (veuillez lire: da flitt Der 25 Joer duerno mat där Technologie ronderëm), well dat ass déi Zäit, déi dee Fliger brauch, fir datt e sech amortiséiert. Donc wäert an der Aviatioun eng laang Iwwergangszäit kommen, wou mer synthetesch Kraaftstoffer virun allem brauchen, fir CO₂-neutral ze ginn.

An déi Power-to-Liquid-Technologie, dat heescht, wou mer iwwer Waasserstoff synthetesch Kraaftstoff herstellen, ass eng Alternativ. An do si mer mat Paul Wurth amgaangen ze kucken, fir e gemeinsame Projet ze maache fir um Lëtzeburger Flughafen, wou mer och wëlle kucke mat der Pipeline, déi de Claude schonn ugeschwat huet, fir dat ze féieren.

Förderung: Et gëtt haut scho gefërdert. Zu Lëtzebuerg si 50 % vum Autosmarkt baséiert op Leasingverkauf. Mir hu ganz prezis am Leasing Mechanismen. An där Reform, déi ech gemaach hu viru véier Joer, hu mer net geschriwwen vun engem ganz, ganz gënschtege Besteuerungstaux beim Elektroauto, mee mir hu ganz kloer dohi geschriwwen: „Null-Emissioun-Autoen“. Dat heescht, een, deen haut e Waasserstoff-Auto iwwer Leasing keeft, profitéiert vun allgënschtegsten Taux vu Besteuerung, déi et an dem Leasingkontrakt gëtt. Also eng massiv Förderung gëtt et schonn zënter véier Joer. Elo musse mer nach kucke bei de Primmen, ob mer do nach dat nämmlecht maachen.

Jo, mir hunn eng Waasserstoffstrategie, mee et muss een och oppassen - eeben dat ass dat, wat ech heimat wollt soen -, well een net kann einfach alles maachen a well och alles e Präis huet a virun allem herno e Präis huet fir de Consommateur. Dat muss och eis Suerg sinn.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Här Mobilitéitsminister François Bausch.

6. Dépôt d'une proposition de loi par M. Marc Spautz

Ech géif dann elo d'Wuert ginn un den Här Marc Spautz fir den Depot vun enger Proposition de loi.

■ **M. Marc Spautz (CSV).** - Merci, Här President. Mir haten hei schonn e puermol rieds iwwert de Fonds de relance a mir haten hei och schonn e puermol rieds iwwer Aiden, déi mer de Betriber solle ginn. Mir haten esou e Fall d'lescht Woch - net d'lescht Woch, mee déi Woch virdrun -, wéi mer heibanne geschwat hunn iwwer Hëllef, déi mer de Betriber wollte ginn an der Restauratioun. Mir haten eng Diskussioun heibannen, wou mer och driwwer geschwat hunn, wat de Fonds de relance wier, wat all déi Hëllef wieren, déi mer bräichten, fir de Leit ënnert d'Äerm ze gräifen an dëser Kris.

Mir hunn d'lescht Woch d'Restauratioun héiere sech beschwéieren, mir hunn d'Jonk Handwierk héieren, déi sech am Stach gelooss fillen, déi mengen, mir hätte se am Ree stoe gelooss, an dofir hu mer eng Proposition de loi ausgeschafft. Mir haten heibannen eng laang Diskussioun mat der Madamm Beissel a mam Här Arendt, wéi mer déi zwee Projete vun den Hëllef bruecht hunn, mat den 30 % oder 40 % Perte, ier et méiglech ass ze ersetzen. Mir haten do als CSV gesot, mir hätte gären, dass dat mat der Perte vu 40 % op 30 % géif erofgesat ginn, dass dat géif a Betruecht gezu ginn. Dat huet eis deemools net déi néideg Satisfaktioun ginn, well d'Chamber an d'Majoritéit déi Propos ofgeleent hunn. Mir hate gesot, dass an der Restauratioun missten 100 % ersat ginn, well et jo net hire Choix ass fir zouzemaachen, mee well dee Choix vun uewen erof decidéiert ginn ass - an Zwëschenzäit 166 Deeg!

An duerfir géif ech hei gären eng Proposition de loi deposéieren, wou mer dat alles, wat ech elo grad erkläert hunn, déi 30 % an dat Gesetz eraschaffen, fir dass mer och déi Lëscht mat der Annex, wat fir eng Betriber dorënnerfalen, dass mer déi och nach eng Kéier iwwerkucken, well déi misst iwwerschafft ginn, fir dass een do och un aner Betriber denkt wéi d'Restauratioun, déi forcéiert waren zouzemaachen. Ech denken - bei mir kléngt dat ëmmer komesch - un d'Coifferen, ech denken un d'Salons de beauté, déi och forcéiert gi sinn zouzemaachen, fir dass och déi kënnen berécksiichtegt ginn.

Dofir, Här President, hei dës Proposition de loi.

7754 - Proposition de loi portant modification de

1. la loi du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises et

2. la loi du 24 juillet 2020 visant à mettre en place un fonds de relance et de solidarité et un régime d'aides en faveur de certaines entreprises et portant modification de : 1° la loi modifiée du 4 décembre

1967 concernant l'impôt sur le revenu ; 2° la loi modifiée du 20 décembre 2019 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2020 ; 3° la loi du 3 avril 2020 relative à la mise en place d'un régime d'aides en faveur des entreprises en difficulté financière temporaire et modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2014 relative 1) aux mesures sociales au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle 2) à la promotion de la création artistique

Villmools merci.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Spautz.

7. 7621 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 27 juin 2016 concernant le soutien au développement durable des zones rurales

Mir kommen elo zum Projet de loi 7621 iwwert d'Ënnerstëtzung vun der Nohaltegkeet an de ländleche Gebidder. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Martine Hansen, den Här Gusty Graas, den Här François Benoy, den Här Jeff Engelen, den Här David Wagner, den Här Marc Goergen an d'Madamm Octavie Modert. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Tess Burton.

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

■ **Mme Tess Burton (LSAP), rapportrice.** - Merci, Här President. Ech hunn déi grouss Eier, lech dierfen de Rapport iwwert de 7621, deen den 22. Juni 2020 deposéiert ginn ass, haut hei ze maachen. Et geet hei ëm d'Verlängerung vum besteeënden Agrargesetz.

Wéi Der all wësst, ass déi gemeinsam Agrarpolitik ee vun deene bedeitendsten an am stärksten harmoniséierte Politikberäicher an der EU. Méi wéi een Drëttel vum Gesamtbudget vun der EU gëtt fir d'Landwirtschaft ausginn. Déi eenzel Memberstaaten hu mat dëser gemeinsamer Agrarpolitik e strikte Kader, dee bestëmmt, wat e Land a wat fir enger Héicht ka subventionéieren.

Deen entsprechende Finanzéierungsprogramm leeft zënter 1993 jeeweils iwwer siwe Joer. Op Basis vun deem Programm gëtt zu Lëtzebuerg fir déi selwecht Period en Agrargesetz ausgeschafft. All nei Period bréngt Reforme mat sech, fir den Entwécklungen an der Landwirtschaft Rechnung ze droen. Déi lescht Period ass um Enn vum leschte Joer ausgelaf, ouni dass um EU-Niveau en neie Finanzéierungsprogramm fir d'Joren 2021 bis 2027 feststeet.

D'EU-Kommissioun huet zwar Propose fir déi nei Finanzéierungsperiod gemaach, mee et kann een entre-temps dovunner ausgoen, dass et nach zwee Joer dauert, bis déi nei Reegelen a Kraaft sinn. Well fréi ofzegesi war, dass et zu engem Retard géif kommen, gouf e Reglement ausgeschafft, fir dës Iwwergangsperiod bis zum Akraafttriede vun där neier PAC fir 2021 bis 2027 ze iwwerbrécken.

D'Zil vun deem Reglement ass et, de Memberstaate genuch Zäit ze ginn, fir hir national Strategie auszeschaffen, déi um Siwejoersprogramm vun der EU baséiert. Et ass jo net esou, dass vun där leschter Period zur nächster d'Mesuren einfach nëmme verlängert ginn, et muss eng Strategie ausgeschafft ginn, déi der Reform vun der PAC Rechnung dréit, déi dës Kéier ënner anerem ënnert dem Zeeche vum Green Deal steet.

Här President, de Projet de loi, iwwert dee mer haut ofstëmmen, verlängert an dëser Transitionssphas d'Mesuren aus dem aktuellen Agrargesetz, fir eng Kontinuitéit ze garantéieren, während d'Strategie fir dat neit Agrargesetz ausgeschafft gëtt. Derzou muss ee soen, dass d'Agrargesetz vum 27. Juni 2016 net an der Zäit limitéiert ass an och iwwert d'Enn vum leschte Joer eraus a Kraaft bleift.

Et gëtt also um legale Plang kee Vide juridique. Nach ass et esou, dass dëst Gesetz Plaffonge fir verschidden Typen vun Investitiounsbäihëllef virgesäit. Éischstens goufen dës Investitiounsbäihëllef fir eng Period vu siwe Joer bestëmmt an zweetens hunn dës Hëllefeng eng Echeance, déi den 31. Dezember ausgelaf ass. Et gëtt elo Beneficiairen, déi dës Plaffongen erreecht hunn. Anerer, déi dat nach net voll ausgeschöpft hunn, kënnen déi verbleiwend Montanten net op 2021 iwwerdreen.

Här President, iwwert de Projet de loi 7621 wëlle mer d'Uwendbarkeet vum Agrargesetz deemno verlängeren. Gläichzäiteg ginn d'Plaffongen vun den Investitiounsbäihëllef adaptéiert, woubäi d'Präisdeierecht mat berécksiichtegt gëtt.

De Projet de loi gesäit nach e puer aner Ännerungen am Agrargesetz vir. Esou gëtt d'Lescht vun de Gidder, déi eligibel si fir eng Bäihëllef, ergänzt. Et gëtt eng nei Hëllef agefouert fir d'Installatioun vun Tränke fir d'Vei, dat dann net méi an eng Baach oder aner fléissend Gewässer drénke geet.